

WANDROUS

N° 327 Spiirkel / Lenzmount 2010

février / mars



Kennt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit




Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



THERMAREST



patagonia



Loscht op schick Sportkläder oder Sportmatériel!

Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joer kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de



Natur Pur

Wéi eng Déiren lieuen am Besch?

Wou lieuen déi verschidden Déiren genau am Bësch?

Waat friessen dess verschidden Déiren?

Haalen si e Wanterschlaf oder net?

Wölls du mat an de Bësch goen an dir erkläre loassen waat onsen Bësch esou intressant mëscht.
Dann mell dësch Séier un, well de Fierchter wart op ons!

Rendez-vous: **den 13. März 2010 um 9h30 op der Gare um Cents**

Retour: **den 13. März 2010 um 17.00 op der Gare um Cents**



Präis: **0 €**

Waat muss du mathuelen:

- 2 giel Ticketen
- Pic-nique fier mëttes
- Bidon Waaser
- Fest Schong
- Dem Wieder ugepassten Kleeder
- Gudd Laun



Wou geht et hin?

Mir gin op Manternach "A Wiewesch"

D'Souche as bis den **27. Februar 2010** béri dëngem Chef ofzegin, as daat net de Fall da musste léider **doheem bléiwen**.



Beaverklack: Paco, Nandu, Lena a Nora

SOUCHE - SOUCHE

Héimat erlaaben ech

Mengem Beaver.....



Fir un der Natur Pur Sortie den 13. März 2010 deelzehuelen.



Ennerschrëft vun den Elteren:.....

Den 27 Februar gin mir Schlittschung fueren!
Dofir ass dann de Rendez-Vous op der Kockelscheier um
14.00 Auer um Parking vun der Eispiste
D'Versammlung dauert bis 17h00
Wichteg waarmt Gezei undoen an 5€ fir Location vun
Schlittschung matbrengen (ausser wann een eegen
Schlittschung huet)



FEWECA 2010

Dëst Joer ass et erem esou weit en FEWECA ass um Programm, daat ass een groussen Camp wou all d'Wellefcher aus der FNEL sech treffen fier eng ganz flott Zait mateneen ze verbrengen. Et gett richteg flott dofir denk drun dech ganz seier un zemellen, wanns du daat bis elo vergies hues.
Bis elo sin ugemellt (11Wellef):
Max, Ketty, Charel S., Sarah, Charel J., Lucie,

Weini? Vun Sonndes dem 18. July bis Samschdes den 24. July
Wou? Zu Schéffleng
Waat kascht et? +- 150 EUR
Umellen? Andeems du den eichten Accompte vun 50 EURO (non remboursable) esou seier
wei meiglech bezills an zwar op folgenden Compte:
IBAN LU23 1111 2136 6874 0000
mat der Mentioun: 1. Acompte FEWECA & Numm vum Kand & Numm vum Grupp
(BSP: 1. Acompte FEWECA Boos Armand Feldmais)
an d'Souche direkt bei engem vun dengen Cheffen oof gess

Lénks Patt,
d'Wellefcherséquipe



Souche:

Ech _____
erlaben mengem Kand _____
aus dem Gruppe _____
vum 18. bis den 24. July 2010 mat op den Feweca ze goen.
Ech hun den 1. Accompte (non remboursable) vun 50 EURO iwwerwisen.

(Datum & Ënnerschrëft)



Deng Meutecheffen: Tahr / Charles / Sophie / Prunelle / Claude

Souche Märchencamp

Fir Beaver

Beaver-Märchencamp 2010

Et waar eemol een klengen Beaver,
deen enges Daags
sech op den Wee gemaach
an ass spaizeirt laanscht eng Kieffer
an huet getraff en klengen Hues
deen enerwee war net ganz lues
Dunn ob een mol mierkt den Beaver
Oh nee meng Kamellen dei leien nach doheem op mengem Desch aus Schiefer
Lo kann ech mein Wee net markeiren
Lo wert ech mech verleiren.....
Ann wann en net gestuewen ass,
dann leeft den klengen Beaver haut nach durch den Besch.....



R.V.
Fin

Präiss

Souche
Material

27. März 2010 um 13:30 op der Gare zu Dummeldange
29. März 2010 um 16:00 beim Scoutshome zu Miersch
(28, rue Comte d'Autel L-7515 Mersch)
30 € sin bis den 15 März 2010 op den
CCPL LU87 1111 2571 8942 0000 vun den Les
Lions Bleus asbl- Beaver mat der Mentioun
„Numm vum Kand + Ouschter-WE“ ze iwverweisen
Ass bis den 15 März 2010 bei dengem Cheff oofzeginn
Schloofsaack, Gamelle, Besteck, Becher, Pyjama,
Ersatzkleeder (dem Wieder ugepasst), fest Schong,
Wäschsaachen, Petzi fir ze schlofen, Täscheluucht,
Schwammsaachen!!

Beaver Klack Paco, Nandu, Lena&Nora

Ech _____ erlaaben dem _____ dem klengen
Beaver ze hellefen, den Wee rem Heem ze fannen an um Ouschtercamp vum 27.-29.
März 2010 deelzehuelen.

Ennerschrëft vun den Elteren





Salut Fuerscher !

Den Prof. Flash experimenteert experimentuell op
sengen Experimenter an sicht DRINGEND
ASSISTENTEN fier him ze assisteieren !!!!!!

Fuerscher-Camp !




Rendez-vous :

Den 27.03.10 um 13.45 Auer virun der Gare

Retour :

Den 29.03.10 um 16.45 Auer virun der Gare

Prais :



30€ sin bis den 15 März op de Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. Meute
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000
iwwerweisen mat der Mention :
Numm vum Kand + Ouschter-Camp 2010

Souche :

Geff d'Souche bei dengem Cheff oof

Waat brauchs de :

Bidon Waaser, Biergschong, eng Jacket, dem Wieder
ugepasste Kleeder, deng Jumbo-Kaart oder 2 Ticketen à
1,5€, Schlooffsaak, Carrymat an waats de soss nach
brauchs fennst de op denger Materialslescht



Ech.....
erlaaben mengem Fuerscher



Um Fuerscher-Camp vum 27-29. März 2010
deelzehuelen

Ennerschreft

Souche Ouchtercamp

Fir Scouten

Leiw(en) Scout/Guide,

du hues, aus Berichten vun der Police ze schleissen, virun engem Joer en decken fetten Reenwuerm mam Velo op der Strooss iwwerrannt. Dest Opfer huet schliesslech eng Ukloo geint dech gemaach.

Opgrond vun dësen kriminellen Aktiviteiten an den leschten Joeren huet d'Geriicht decideert vir eng Hafstroof vun 3 Deeg op ierch auszesetzen, vir deng schrecklech Doot erem gut ze maachen.

Am Anhang fenns du weider Infos weini an wou dass du dech muss presenteieren vir an den Prisong IERPELDENG, deen schlemsten Prisong op deser Welt ageliwert ze gin. Wann deng Umellung net seier genuch ernakennt, müssen aaner Maassnahmen geholl gin...



Rendez-Vous: den 31. März 2010 um 14 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

Retour: den 2. Abrëll 2010 um 16 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

Praiss: 35 Euro op den Compte vum Manon Fischer (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) sin ze iwwerweisen bis speitstens den 23. März 2010

Souche: ass auszefällen an oofzegin bis den 20. März 2010 bei dengem Chef

Material: SCHWAMMSAACHE, Schloofsaack, Gamelle + Kichenduch, dem wieder ugepasste Kleeder, Bidon, deck Schung, Schlappen, an nach aaner Saachen die een an engem Prisong esou brauch...



Souche:

Ech mellen main schélleg

gesprachenen Kriminellen.....

vir den Ouschtercamp vum 31.3.2010 – 2.4.2010 un

Ennerschreft:.....



Salut Wöllefchen !

Leiwe Wöllefchen, wann dein Hausdeier krank ass
wees de jo wous du et brengen solls. Genau bei
den Deierendokter !



Komm mat an Deierenstatioun dann wees de och
wou d'Deieren aus dem Besch behandelt ginn.

Sortie-Deierenstatioun !

Mir gin an Deierenstatioun den 31. März

Rendez-vous : Den 31.03.10 um 10.00 Auer virun der Gare

Retour : Den 31.03.10 um 16.30 Auer virun der Gare

Prais : 5€ matbrengen

Souche : Geff d'Souche bei dengem Cheff oof

Waat brauchs de : Bidon Waaser, Picnic fier Metteg-lessen, Biergschong,
eng Jacket, dem Wieder ugepasste Kleeder, (Mutz) an
deng Jumbo-Kaart oder 2 Ticketen à 1,5€



Ech.....

erlaaben mengem Wöllefchen



Un der Sortie-Deierenstatioun den 3. März 2010
deelzehuelen

.....
Ennerschreft

Ouschterinteruniteitecamp

Léif Explorer



MAMMUT



Ouschterinteruniteitecamp 2010

Unitéit Mammut vun den Lions Bleus
Exlorer vun den Peaux Rouge

Léif Explorer(in),

hues du loscht fier en flotten Camp an eisem klengen Letzebuerger Länchen ze machen, bei dems du vill flott Platzen gesin wärst weus du nach nie wars?

Mier hoffen du bass mega motieert vir mat op dese Interuniteitecamp ze goen, well s'du sos en mega flotte Camp ferpasste wärts. Mël dech mat zéiten un wëll dëse Camp huet et an sech!!!

Wou?

Iergentweu am Letzebuerger Ländchen an iwert Grenzen eraus.

Rendez-vous:

den 9/04/2010 um 14.00 Auer op der Gare de Luxembourg

Zreck?

Den 11/04/2010 um 17.00 op der Gare de Luxembourg

Wat kascht et?

30 Euros D'Suen sinn bis den 31/03/2010 op den Konto

(CCPL IBAN LU49 1111 2324 7361 0000) vun den Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer Bonnevoie ze iwerweisen !

Waat get mat ?

Carrymatt, Schloofsaak, Gamelle, Bidon, Kichendicher Bidon, etc.

Wanns du interesseiert bass, dann fäll d' souche au an gff se bis speitztens den 13 März of.

Souche Souche Souche Souche Souche Souche

Heimat mellen ech mech fer den
Ouschterinteruniteitencamp(9-11/04/2010)un



fnel
scouts & guides




Fir d'Unitéit Mammut: Tameng / Eric / Kodiak



BEAVER FUN DAY

vun der FNEL



D'Beaver féieren dëst Joërl 25 Joërl.


An d'Beaver aus der ganzer FNEL féieren matt.

Fir dësen Gebeurtsdag ze féieren gët eng grouss Bauerenkirmes gemach.

AN DU, sollst matt op dësere Kirmes matmachen a féieren.

Ech kann der ét soen, ét gët mega flott.

Fir dës super flott Activitéit nüt ze verpassen, muss du dech ganz séier umellen.



RENDEZ-VOUS: Sonndes, den 18. Abrëll 2010
um 08:45 op der Gare zu Lëtzebuerg

RETOUR: Sonndes, den 18. Abrëll 2010 um 16:40
op der Gare zu Lëtzebuerg

PREIS: 10 Euro ze iwwerweisen op den CCP LU87 1111 2571 8942 0000
vun den Lions Bleus asbl - Beaver bis den 1. Abrëll 2010
matt der Mentioun: "Numm vum Kand" + Beaver Fun Day 2010


UMELLDUNG: D'Souche ass bis den 27. Mäerz 2010 bei dengem Cheff
ofzegin

MATERIAL: Klengen Rucksack, Bidon, Gamelle, Becher, eppes géint den
Reen, Verkleedung als Bauer (undoen)

BEAVER KLACK

- - - - - SOUCHE - - - - - SOUCHE - - - - -

Heimadder erlaben ech _____



mengem Bevaer _____

op den Beaver Fun Day den 18.4.2010 mattzegoen.



Ennerschrëft

EXPLO fir Scouter

EXPLO fir Scouter



"Adventure meets Nature"

16.-18.Abrëll 2010



NEWS vum dësjähreng EXPLO

Mir fueren dëst Joér mat der Scoutsbranche bis iwwer d'Grenz an d'Géigend vun der Teufelsschlucht bei Iernzen(D), wou mir 3 flotter Deeg wärten zesummen verbréngen. Versprietchen deet dëst op allenfall d'Thema vum Camp, hei wärten mer vill erliewen an et wärt keen ze kuerz kommen. Dofir mell dech ganz ganz schnell un fir mat op eis Natur Adventure Insel kënnen ze kommen....

FREIDES den 16.Abrëll 2010: → sust fir CP & SP

RV 20⁰⁰ am Naturerlebniscamp zu Ernzen (D) tëschend lechternach an Irrel.

SAMSTES&SONNDES den 17.-18.Abrëll 2010:

→ fir all d'Scouten + CP&SP

Départ: RV 10⁴⁵ LUX-Gare

Retour: RV 16⁰⁰ LUX-Gare

PRÄISS

30€ fir CP/SP (den ganzen Camp) & 25€ fir all dëi aaer Scouten (fir Samstes & Sonndes), op den Compte vum Fischer Manon bis den 20.März 2010 iwwerweisen (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mention: EXPLO'10 „Adventure meets nature“ + Numm

SOUCHE Oofzeginn bis den 20.März 2010 beim Tamia !

MATÉRIAL:

Tip top Uniform, Gamelle/Becher/Kichenduch, Bidon, Täschenluucht, dem Wieder ugepassten Kleeder, Schloofsaack & Carrymatt fir dobaussen...

Island of Adventure Crew

	<p>Heimat erlaaben ech _____ mengem CP/SP, Scout/Guide _____ um dësjähreng EXPLO alias "Adventure meets Nature" vum 16.-18. fir CP/SP respektiv 17.-18.Abrëll 2010 vun der FNEL deelzehuelen. Ennerschrëft vum Responsablen: _____</p>	
--	------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------	--

Souche Corse 2010

Für Rover, Explorer a Scouten

--- NEWS - groussen summercamp - NEWS ---



CORSE 2010

30.Juli 2010 – 22.August 2010

Et steet elo fest:


30 blo Léiwen maachen sëch dësen Summer fir 3 Wochen an d'Corse,
an du bass dobäi...

CREW:

Nicolas, Raphaël, Ludovic, Vanda, Breeze, Samuel, Eric, Christophe, Sophie, Lena, Maiti, Claude, Mauro, Nadine, Soa, Nandu, Emys, Téit, John, Max, Ketty & Laska...

STAFF:

Lex, Tahr, Tameng, Tamia, Kodiak, Paco, Maki, Grizzly, Chouch



Präiss :

Acompte 2 : 300€, wor bis den 1/02/2010
Acompte 3 : 200€, bis den 1/04/2010
Acompte 4 : 200€, bis den 1/06/2010
op den Compte vum Fischer Manon ze viréieren
(CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

Elterenversammlung 19/06/2010 um 16¹⁵,
dës ass obligatorësch fir jidereeën deen matgeet.
Dofir haal der lo schon den Datum fest.

PAACKSAACK:

Dësen ersetzt ären Rucksack, an jiddereen brauch een.
Falls de nach keen hues kanns de der lo een per Souche
bestellen. Den Präiss leit bei +/-25€.
Mir maachen eng global Commande bei Globetrotter fir
d'Paacksäck. Wann een nach eppes wëll, soll
en daat soën, dann bestellen mer alles
zesummen an dir krit der 10%.



Den motivéierten CORSEN-CAMP-STAFF



SOUCHE fir e PAACKSAACK

Ech _____ bestellen mer gären esou en
Paacksaack (25€) fir mat an d'Corse ze huelen, an ginn
d'Souche bis den 26.März 2010 oof!



GALA - DINER

19. GALA - DINER

Invitatioun

op den 19. Gala - Diner

Sonndeg, den 15. Mäerz 2010

am Home vun den Lions Bleus

Apéritif: 12:00 h - Déjeuner: 13:00 h

Menu




Oxtail

Linguini aux fruits de mer

Coq au riesling
avec ses garnitures

Dame Blanche



GALA - DINER

19. GALA - DINER

Léif Memberen, Elteren, Amicale, Scoutsfrënn, Sponsoren,
Amis des Lions Bleus, Frënn a Bekannten

Vir d'19. Kéier hun mir d'Freed lech allegueren an d'Hoem vun den Lions Bleus anzelueden. Schon erëm ass et un der Zäit dat d'Kitchen, an den schéinen Zervisse aus dem Dornröschenschlof erwecht gin an d'Kitchenéquipe réaniméiert gët vir lech e puer flott Stonnen am Home ze préparéieren.

Den Erléiss vun dësem Owend ass fir „Nos enfants d'ailleurs a.s.b.l.»

Natierlech leeën mir erëm genug Geld op den Compte vun onsem Patenkand fir è top d'mannst én Joér laang ze sponsoren.

Mir wëllen lech (wi all Joér) häerzlech invitéieren e flotten Sonndegmëttech bei a matt den Lions Bleus am dall ze verbrengen, lech no Stréch a Fuedem bekachen a verwinnen ze lossen a nierwenlaanscht eng gudd Saach ze énnertstëtzten. D'Kitchenéquipe, d'Spullequipe, d'Zervisse-a n d'Botzéquipe stin an den Startlächer a sin motivéiert vir lasszleeën.




Fir lech eng gudd gefällten Tombola ze bidden, maachen d'Cheffen an den Comité schon d'Geschäftswelt vun Bouneweg an Émgéigend onsécher, schreiwen Bréiwer an Mailer an rauen Mengen, biedelen, héschen, fechten a schléfen d'Kadoen Äermweis erof an den Dall. Natierlech ass all Hëllef wéllkomm a mir freeén ons wann Dir ons mat engem klengen Kado oder enger Corbeille géift énnertstëzten.

D'Organisatiounsteam vum 19. Gala-Diner

Heimat mellen ech.....

.....Persounen vir den 19. Gala-Diner, vum 14. Mäerz 2010 un.



Ech hun d'Somme vun.....x 50,00 €
op den Compte CCPL LU82 1111 0498 5493 0000
vun der Les Lions Bleus a.s.b.l. iwverwisen
Mat der Mentioun « Numm + Participation Gala 2010 »

Opgepasst :

Den Virement gëllt als Umeldung.

Schéckt d'Souche w.e.g. bis spéitestens den 1. Mäerz 2010 un:
Goergen Claude 62, bd.J.Salentiny L-2511 Luxembourg
Fax : 425279 oder en Mail un : cgoergen@pt.lu



Fir en gudden Oflaaf vum Gala 2010 ze garantéieren bidden mir lech allegueren
den Anstand ze hun vir dës Terminer anzechalen!

GALA - DINER

19. GALA - DINER

Nos enfants d'ailleurs A.S.B.L.

Bonjour,

En juillet nous avons reçu 200 demandes d'abandon d'enfants depuis le début de l'année 2009. Nous travaillons toujours avec la protection de l'enfance dans le département du Gorj, ceci représentent la surface du Grand-Duché de Luxembourg.

Nous avons 33 familles qui reçoivent une aide financière tous les mois, ceci pour aider des mamans en difficulté, et surtout dans le but qu'elles n'abandonnent pas leurs enfants.

La C.E.E. demande la fermeture des instituts d'état qui prenaient les enfants abandonnés, mais comment faire cela sans des aides comme les nôtres, qui malheureusement sont trop rares. En plus, avec les problèmes financiers, les dons se raréfient. Une possibilité comme la vôtre est une manne pour une petite association comme la nôtre.

Comme nous ne sommes pas un O.N.G nous ne pouvons malheureusement pas bénéficier d'aide de l'Etat Luxembourgeois.

Merci d'avoir pensé à nous
Amicalement
Anne
Administration Déléguée
de l'asbl Luxembourgeoise "Nos enfants d'ailleurs" depuis 13 ans

Cotisatioun 2010

Cotisation 2010

E Kalenner-Scoutsjoer ass eriwwer daat nächst Kalenner-Scoutsjoer fängt un (WOW)
Wi all Joër ass d'Cotisatioun vir all d'Member vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sin **25,00** Euros op den Compte CCP
LU82 1111 0498 5493 000 vun den Lions Bleus ze iwwerweisen.
Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Activitéiten vun den Lions Bleus délzechuelen
- d'WANDROUS hémgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoer
- eng Assurance di aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Vir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Platz an der WANDROUS mat Rapellen versauen,
den Dierwiechter bei di verschidden Leit schécken di nüt oder ze spéit iwwerweisen, oder soss
opwenneg juristesches Schrëtter énnerhuelen ass all Member gebieden seng Cotisatioun soubal ze iwwerweisen wi dat
d'Memberskaart ukennt.

Well mir jo Scouten sin, vertrauen mir Dir an schékken Dir als Zéchen vun guddem Wëllen d'Memberskaart vir d'Joër
2010 zou, ieren dat bezuelt ass.

Dofir ass et elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat Deng Memberskaart
esou séier wi méiglech bezuelt get.

Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)

Programm Beaver

De Beaver - Programm

Februar' 10



6	Fuesparty	14:00-17:00
13	keng Versammlung	Vakanz
20	keng Versammlung	Vakanz
27	Versammlung	14:00 - 16:00



März' 10

6	Versammlung	14.00-16.00
13	Sortie	
14	Gala	
20	Versammlung	14.00-16.00
27. + 29.	Ouschter-Camp	

Abrëll' 10

3	keng Versammlung	Vakanz
10	Versammlung	14.00-16.00
18	Beaver Fun Day vun der FNL	
24	keng Versammlung	Hochzeit vum Kodiak an Nandu

!!!

Mee' 10



1	Versammlung	14.00-16.00
8	Versammlung	14.00-16.00
15	keng Versammlung	Rover-WE fir d'Cheffen
22. - 25.	Gruppen Päischtcamp	
29	keng Versammlung	Vakanz

Beaverklack: Paco / Nandu / Nora / Lena

Programm Meute De Meute - Programm



März

6	Versammlung	14:00 - 16:00
13	Versammlung	14:00 - 16:00
14	Gala	
20	Versammlung	14:00 - 16:00
27 - 29	Ouschtercamp	???
31	Sortie	

Abrëll

3	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>
10	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>
17	Versammlung	14:00 - 16:00
24	<i>keng Versammlung</i>	Hochzeit vum Kodiak an Nandu

Mee

1	<i>keng Versammlung</i>	
8	<i>keng Versammlung</i>	(Rover-We fir d'Cheffen)
15 - 16	Sixplo	
22 - 25	Gruppen Päischtcamp	
29	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>

Juni

5	Versammlung	14:00 - 16:00
12	Sortie	
19	Versammlung	14:00 - 16:00

Deng Meutecheffen: Tahr / Charles / Sophie / Prunelle / Claude

Programm Troupe

Den Troupe - Programm

FEBRUAR :

- | | | |
|---------|--------------------------------------------------------------|------------------|
| 6. | Truppenversammlung
(Formationsversammlung vum Christophe) | 14:00-16:30 Auer |
| 13. | keng Versammlung → VAKANZ! | |
| 12.-21. | TECHUANA | |
| 20. | keng Versammlung → VAKANZ! | |
| 27. | Truppenversammlung
(Erklärung vum Tenderfoot) | 14:00-16:00 Auer |

MAERZ :

- | | | |
|-----|-------------------------------------------------------------|------------------|
| 6. | Patrullenversammlung
(Formationsversammlung vum Ludovic) | 14:00-16:00 Auer |
| 13. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 14. | GALA | |
| 20. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 27. | keng Versammlung → VAKANZ! | |

ABRELL :

- | | |
|----------|-------------------------------------------------|
| 31.-2. | OUSCHTERCAMP (Formationscamp vum Lex) |
| 3. + 10. | keng Versammlung → VAKANZ! |
| 16.-18. | EXPLO sust fir CP&SP |
| 17.-18. | EXPLO fir ganz Troupe |
| 24. | keng Versammlung → HOCHZÄI T vum Kodiak & Nandu |

MEE :

- | | | |
|---------|----------------------------|------------------|
| 1. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 8. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 22.-25. | PĒNGSCHTCAMP | |
| 29. | keng Versammlung → VAKANZ! | |



Programm Explorer

Den Explorer - Programm



Februar:

6.	Schaffdaag	08:00-???
12.-21.	Techuana	18:30-11:00 Auer
27.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer

März:

7.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
13.	Préparation Gala	08:00-17:00 Auer
14.	Gala	11:00-????
21.	Explorersortie	???
27.	Keng Versammlung	14:00-16:00 Auer

Abrëll:

3.	Keng Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
9.-11.	Interunitéit Ouchstercamp	14:00-17:00 Auer
17.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
24.	Keng Versammlung	Hochzäit Nandu & Kodiak

Mee:

1.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
8.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
15.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
22.-25.	Paischtcamp	
29.	keng Versammlung	



Fir d'Unitéit **MAMMUT**: Tameng / Eric / Kodiak

Rapport Mine-Sortie

Rapport Mine-Sortie

Rapport Mine- Sorite de Rumelange

Samtes den 21ten November um 9 Auer ass et lass gaang. Mir hun eis alleguer op der Gare zu Letzebuerg getraff an hun vun do aus den Bus geholl. Jidreen war zimlech opgereeest an et war och zimlech vill Kameidi am Bus. No laangen 40 Minuten sin ma dun endlech zu Remleng ukomm. Dun missten mir na bessen treppen bis bei d'Minnen. Do hun mir nach epuer kleng Spiller gemaach. Wi zum Beispill: schreift alles op waat der heiert. Daat eenzegt waat d' Kanner heieren haaten, waren 3 Tussien dei mateneen schwezen, wei et schengt (Ne David? ;). Ech haat dono riesen Honger (ech war och net daat eenzecht) mais mier sin dunn awer nach een bessen op d'Spillplatz gaangen an hun do na bessen mat Jikken gespillet. Verschiddener hun daat guer net flott fonnt an wollten leiwer eppes iessen, aanerer hun daat nach net kannt (dass nun mol net mei alles wei Freier ;)) an waren richtech faszineert. An dunn endlech, no laangem waarden konnten mir iessen. Ech haat schon laang net mei sou een Honger. Iergendwann hun dunn verschidden Kanner gemengt si missten bessen streiden an konnten sech opemol schon fun Ufank un net leiden opwuel sie nach firun 2 Minuten Hand an Hand duerch d'Geigend gelaaf sin. D'Meedecher haaten nach eng Entdeckung gemaach, vun enger stuurer Kaatz, dei hinnen emmer hannendrun gelaaf ass, bis den Arthur se schlussendlech verdreiwen konnt. Iergendswei muss een seng Cheffen io bessen nerven ;). Nodeems den Honger gestellt an den Fridden rem hiergestallt wor ass et dunn endlech an d'Minnen gaang. Verschiddener worn bessen geschockt wu se daat Wuert „Musé“ (des minnes) gelies hun. Waat? Gi mir an en Musé?? Uaa deck schiel. Mega oncool. Mais speidstens wou den frendlechen Här mat sengem coolen Helm koum wor jidderen iwverzeesch dass et awer net sou oncool ass an dass et fleicht nach keint witzech gin. Jidderen kruut dun sou eng Kaart mat engem Numm an mat engem Beruf drop. Daat worn Nimm vun Leid dei et wierklech gin sin an dei an deser Minn geschafft hun. An den Minnen duerften d'Kanner dann hieren jehweileschen Beruff ausprobeiren, wi zum Beispill mam „dommen Nicki“ probeiren een Lach an d'Mauren ze bueren. Ech haat sou daat Gefill wei wann daat zimlech jidreen intresseiert hätt an wei wann d'Kanner nach hätten keinten stonnen Steng kleng maan. Wou ma dunn aus den Minnen raus waren hun verschiddener sou ausgesin wei wann se kleng Mauleffen wieren, sou brong worn se. (Ech soen nemmen Charel...;)) D'Leit hun eis dun e bessen komesch gekukt mais opj idefall huet am Bus keen mei Kameidi gemach, well et war wierklech unstrengend daat ganzt!

Prunelle Welter

Unser Ausflug in die Mines de Rumelange

Wir hatten uns um 9h15 vor der Gare getroffen. Dann gingen wir in den Autobus. Als wir dann in Rumelange angekommen sind gingen wir weiter, bis wir bei einer Wiese ankamen.

Dann hatten wir ein Spiel gespielt bei dem jeder ruhig sein musste. Jeder nahm ein Block und ein Bleistift. Alles was wir hören konnten, mussten wir notieren. Ich hörte Vögel, Züge, Autos und den Wind. Als zweites Spiel machten wir gemeinsam ein grosses Naturbild. Als das Bild fertig war mussten wir uns alle umdrehen und Tahr veränderte es. Wir mussten raten was er verändert hatte.

Dann spielten wir zwei Murmelspiele. Das war toll.

Nach unserem Picnick konnten wir spielen.

Dann war es endlich soweit. Wir gingen mit Helmen in die Mine. Wir gingen tief hinunter.

Domenicki das ist eine alte Bohrmaschine. Damit hatten alle gebohrt. Danach hatte Esteban und der Mann von der Mine eine Dynamite angemacht. Als die explodierte sahen wir nichts mehr wegen dem Rauch.

Danach gingen wir noch tiefer zu einem kleinen Wagon. So wie die Minenarbeiter früher mussten wir die Steine in den Wagon legen.

Die Minenarbeiter arbeiteten sehr hart.

Lucie Muller

Rapport Roverweekend

Rapport Roverweekend

D'Editiou vum KLEeserchersROverWEekend (KLEROWE) 2009 wor esou richteg traditionnel. Den Thar hat fir näischt Linux, Mac a Pc derbäi, falls mer rëm esou verzwickt modern Message sollten z'enziffere kréien. Jo esouguer een Diskettelafwierk wor agepaakt, wann ee Möchtegerninformatiker eis nach géif eng al Diskett hannerleeën.

Ma loosse mer net zevill virgräifen an emol zu Dummeldéng op der Gare ufänken. Do konnte just nach di Haardst untrieden, well di Grippeläppercher (Mogrippen, Schwéngsgrippen, gewéinlech Grippen etc.) sech a läschter Minutt hu missten ofmellen an och eis Foussballistinnen sinn dem Ball nogelaf amplaatz Messagen ze sichen.

Narwell wore mer eng gutt Dosen, an di eng sinn zu Kautebaach - Gare Centrale erausgeklomm an di aner zu Klierf - Gare du Nord. Vu datt eise Message ganz no bei Drauffelt ze fanne wier, hu mir bal eng Stonn Paus gehat an dunn hu mir direkt eng Strategie ausgeschafft bei engem gemittleche Chocky am Wellness-Hotel. (Ech weess, de gudden ale Scoutismus geet esou nach eng Kéier d'Baach an). Eng Stonn Zäit gouf eis geschenkt, well eisen éischte Message an der Géigend vun Drauffelt louch an deen nächsten Zuch op Drauffelt ass eben eng Stonn mi spéit gefuer (ech weess, shame on us, datt mer schon net mi zu Fouss ginn).

D'Kaarte sinn och net mi dat, wat se emol wornen, well vun Drauffelt wor et awer nach ee gutt Stéck bis bei deen éischte Message ... an dunn ass et lassgaang! De Message wor einfach net ze fannen mir hate schon all Steen an all Gleis zweemol émgédréint, ma op deem Punkt louch kee Bréifche fir eis. Nächsten échec: mir hu missten uruffen, fir dee f***** Message ze fannen, well e louch bei engem Haus an der Géigend vun eisem Punkt.

Ok, a viru mam Jabel. Mir wollten deen nächsten Indice nach am Helle fannen, ma déi Hoffnung konnte mer begruewen. Et wor séier schwaarzdäischter a mir hunn eis duerch d'Eislécker Bëscher gemaach a méi wéi eng Kéier si mer Schlittschong gefuer.

Et wor esou eng Saach mat dem Fanne vu Messagen a mir hunn eis scho gezwielt, datt mer vläicht eng aner Kaart haten wéi déi, op där d'Streck ausgesicht ginn ass. A propos Kaart mir haten 2 diselwesch Kaarten an di aner Grupp hat di 2 aner Kaarten, esou datt mer iergendwann um Enn wornen op eiser Kaart. (Vu datt mir super organiséiert wornen, hate mir di aner Kaart vun eis aus derbäi an och di gutt al 1:50000 er Kaart, déi eis konnt weiderhëlfen.

Gutt, iergendwann si mer zu Eschweiler ukomm an do sollte mer bei der KAPPELL ee Message fannen mir wéissen entre-temps, datt et zu Eschweiler némme vu Kappelle wimmelt an eng dovunn ass den Dag ier mer komm sinn ofgerappt ginn. Nodeems mer och nach bei där ofgerappter Kappell all Steen émgédréint hunn an énnert der Baggerschëpp gesicht hunn an nach émmer näischt fonnt hunn, si mer emol dem Anna „Moie“ soe gaang. Merci Lis, dats Du an eiser Ekipps wors an d'Anna kannt hues et wor zwar net doheem, ma de



Rapport Roverweekend

Rapport Roverweekend

Jang huet eis an den Atelier invitéiert, wou ee schuckelegen Uewe gebrannt huet. Eenzock hu mer 2 Bänken opgeriicht kritt an du konnte mer eis stäerken an eis Glidder wiermen. Dat huet gutt gedo! Do soutze mer ze uuchten, ze laachen an anengems eis Rucksäck mi liicht maachen, well mir wore vollbepaakt mat Kéis, Zoossiss, Wäin a Pankecher. Als éischt de Kéis, Baguette an Zoossiss mam Wäin genéissen an als Dessert ee Pankech mat guddem Schockela drop. Um Uewen sinn di Pankecher perfekt ginn an d'Chouette huet nach eng Formatioun an „Pankechdréinen“ kritt a mat Succès bestan! (Mir mussen dat nach als formation continue an der Fnel eraginn an da kritt d'Chouette séng Cheffekaart direkt verlängert).

I ergendwann hu mer eis op de Wee gemaach puppsat a guer net am Stress, wéini mer da sollten ukommen, well elo wore mer nees an Topform.

No engem weideren Uruff si mer opgeklärt ginn, datt de Message bei der Morgue géif leien mir maachen eng demande bei der Kierch fir gewuer ze ginn, wat den Énnerscheed ass téscht enger Morgue an enger Kappell (schon erëm Stoff fir eng formation continue?).

Vu datt de Konfetti am Miel agepak wor, si mer nach eng Kéier bei de Jang gaang, fir d'Miel duerch eng Passette ze schédden. Du wor d'Anna och vum Concert zréck a konnt d'Lis gesinn Ende gut alles gut. Einstweilen .

Gudder Déng si mer weider marschéiert an op eemol koumen 2 Autoen eis entgéint. Mir wollten eis natiirlech net esou liicht entdecke loessen, ma schließlech si mer an d'Gefiirer geklomm a si bis op Wélwerwoltz gefouert ginn, wou di aner Ekipp schon op eis gewaart huet, fir endlech kennen dem Pic séng lecker Spaghetti (merci Pic) eranzefeieren.

Mir ginn et zou, mir hunn dës Kéier di aner gewanne gelooss (elo am Eescht dat Bescht um Scoutismus ass fir mech, datt mer net an enger Compétitioun dra sinn!!) a wéi gewinnt hu mer eis Aventuren nach eng Kéier Revue passéiere gelooss an d'Taupe huet rëm beim Dësch d'Guckelcher zougemaach (wéi all Joer).

Gutt ausgerout ass et sonndesmoies masseg z'iesse ginn (et wor jo och fir di Krank matbestallt ginn) an nodeems den Home geraumt a gebotzt wor, hu mer een Iwerdaach dobaussen opgeriicht an ee Feierchen ugemaach. Beim Apéro ass gutt gelaacht ginn an och eist Gegrills hu mer no beschte Regele vun der Konscht präparéiert an eis an enger gemittlecher Ambiance gutt schmaache gelooss.



Géint 16.00 Auer hu mer eis Zelter ofgebrach an de KLEROWE opgehuewen (et gétt gemunkelt, wéi wann eng Charte géif ausgeschafft ginn, wat ee Roverweekend wier, mat wéi enge Kaarten e misst präparéiert ginn, wat eng Kappell a wat eng Morgue ass, bis wéi vill Auer en dauert etc.). Gutt midd si mer doheem an der Bidde geland a soen der Organiouneen décke Bravo a Merci fir hir Aarbecht!

Pappi, am Dezember 2009



Rapport Beaver

Rapport Beaver Chrëschtcamp



Nastia

Ugo

Louise

Victor

Tomas

Lis

Danie

Rapport Chrëschtcamp

DAAG 1

D'Chefen hun sech Samschtes Moies um 8 Auer am Home getraf an do hun mir dun all zesummen Kaffi gedronk an Kichelcher giess. Nodeems mir nach eng keier de programm vum daag duerchgeholl hun, huet dun jiddereen sech op de Wee. De Christophe an ech sin op d' gare bei d' Scouten gefuer an die aner hun nach alles färdeg agelueden. Op der gare waren schon e puer Scouten do an no enger waren se all present. Mir sin schlieeslech mam Bus bis op Simmer gefuer an dun sin d' Scouten op den Traget gaang, nodeems mir nac eng keier hir Rucksäck nogekuckt hun. Et war zimlech kal den Tameng sollt mech an den Christophe sichen kommen mee daat sollt nach bessen daueran. Also hu mir ugefaang mat danzen an stell der vir et ass ons mi warm gin. Dun Koum den Tameng endlech an mir sin den recht Messagen vir den Traget nach leen gaang. Nodeems dest erleedecht war, hu mir eis op de Wee vir op d' Huelmes an d' Schlass gemaach. Do ukomm kruute mir de Schlüssel an hun eis eischt Inspektioune doduerch gemaach. Dun kruute mir och schon en Coup de Telefon dass d' Scouten op der Mëttesplaaz ukom wieren. Mat enger klenger Opwiermung hun mir eis dun op den wee dohin gemaach. Duerno sin mir rem zreck bei d' Schlass gefuer an knaps ukomm, waren d' Beaver an d' Wellefcher schon ukomm. Nodeems dess sech an verschiddenen Dortoiren installeiert hun, hun se ugefaang mat basteleien. D' Jongen hun en Ritterhelm gemaach an d' Meedercher en ROSA'EN Burgfräulein-Hut. Währendeems sin d' Scouten dann och endlech ukomm an nodeems dess sech am Dortoir installeiert hun konnten si sech bessen beim Feier opwiermen an gudd waarm Brite drenken (mmh). Nodeems dès entdeet wornen hun se en Sketch vir owes op der Veillee am Dortoir prepareiert. D' Wellefcher an d' Beaver währdeems waren färdeg mat bastelen hun se kleng Spiller gemaach bis d' iessen färdeg war. Et gouf I erzebuli mat Mettwurscht mhmh :-D . Et gouf alles giess bis I erbes aus dem Déppen gekraatzt gouf, gouf gespult an en Spullstrooss ass opgeriicht gin. Jidereen huet seng Saachen gespult an dun huet sech jiddereen am grousse Sall zesummen fonnt wou d' Veillee dun schlieesslech lassgaangen ass. Mir hun en selergedreiten Film gekukt deen eis eng Intro vir d' Veillee gin sollt. Mir hun en Spill gemaach, wou d' Kanner verschiden Leit aus dem Duerf froen, vir eppes iwver den Ritter Jean-Paul sollten rausfannen. D' Leit hun sech duerch daat ganzt schlass verdelt an d' kanner missten dann vun Persoun zu Persoun goen. D' Spill ss guer verlaaf an no e puer Vermutungen an gemunkels sin d' Kanner dun schloofen gaang. D' Chefen hun nach e bessen geschwaat an den Daag dee kennt geplangt, ier se dun schloofen gaangen sin.

DAAG 2

Den näxten daag wou mir opgestaan sin, lung schon e bessen Scheni an et war nach daischter. D' Kanner sin schlieeslech opgestaan an hun sech färdeg gemaach vir eriwwer iessen ze goen. No engem „luxus“ Iessen an engem volle Bauch hun dun d' Aktiviteiten ugefaang. D' Beaver an d' Wellefcher hun en klengen Piste-Poste gemaach mat Spiller dotescht an d' Scouten hun hiren perseinlechen Progressiounstable färdeg gemaach. Et huet emmer mei ugefaang mat schneien an et war och zimlech kaal an wie eis gefrueren Beaver an Wellefcher erem waren, hun sie sech beim Feier rem opgewiermt an dun gouff et eppes guddes ze iessen. Et gouffen Breidecher an Brite an Zoossis nierwt nach aaner saachen vir op d' Schmier. Nom iessen huet dun daat grousst Ritterturneier ugefaang. Dkanner sin an Gruppen agedeelt gin an hun lauter kleng Spiller am Thema Ritter gemaach; enner anerem Bouscheissen, Speerwerfen, Gladiator, Schubkarrenrennen oder Seelzeien. De kanner huet et zimlech Spaass gemach an si hundun de ganzen Nomötten um Ritterturneier verbruert. Duerno sin mir zereck an d' Schlass gaangen an hun Kuch mat Tei gemaach ols 4 Auer Snack. Duerno hu ma nach e puer kleng Spiller gemaach bis et z'iessen gouf. Et goufen Campingsnuddelen. Nodeems gespult war (erem mat enger Spullstrooss ennen am Agang), hun mir eis dun färdeg gemaach vir op d' Nuetsspill, en Deel vun den Cheffen ass schon vir gaang vir sech am Park ze verstoppene. D' Spill ass dorems gaangen, vir en Geigengeft geint d' Pescht ze fannen, woumat d' Kanner infizeert sin. D' Kanner mussen am Spill d' Chefen fänken die sech do verstopt hun an Deieren duerstellen. Mir, d' Cheffen hun dun Deierengeräicher gemaach vir d' Kanner opmierksam drop ze maachen. Verschiddener sin seier fonnt gin, anerer hun missten e puer mol iwwerrannt gin vir fonnt ze gin :-P . All Deier haat zwee Puzzlestecker vun enger Kaart die weist, wou den Schatz also d' Heelmettel, verstoppet ass. Nodeems dun schlussendlech d' Heelmettel fonnt gin ass, sin mir all zereck an d' Schlass gaangen wou all d' Kanner ausser d' Scouten schloofen gaangen sin. Mat der Zait sin des awer och schloofen gaang well hinnen d' An vun Erschöpfung vum selwen zugefall sin. D' Cheffen hun nach e bessen geschwaat, ier ma dun och schlieeslech schlooffe gaangen sin... Nuecht Lex

Rapport Chrëschtcamp

DAAG 3

Wei all moien si mer sou geint 8 op gestan hun gudd Cafe gedronk. Nodems mer gespult huet den moisprogramm ugefaang. An zwar haate mer herrlecht Wieder an 10cm Schnei. Dei Aafekeelt vun minus 13 war gott sei dank verschwonn. Kanner hun se baussen versammelt an dun si mer mat hinnen ennen an den Petz deen virun dem Schlass war kucken gaang. Dat war eng riisen Attraktioun vir Kanner well den Lex & co peur mol eng riisech tonn vun Schnei roof an den Petz geworf hun wou dei Kleng stougen. War een ennen hat eent Gefill wei wann eng Lawien geef roof faalen wat een zimlech geilt awer och bessen verängschlecht Gefill war. Dono si mer mat den Kanner an den Besch gaang an sin mat Pubellstuten respektiv einfach um Henner geeegent Hiwwelen roofgeruscht waren. Och wann et souu ustrenge war fir rem den Bierg rop ze kommen haaten Kanner mee och Cheffen onheemlechen Spass. Am schlass rem ukomm hun Kanner sech bannen am groußen Sall amuseiert. Währenddeems hun Cheffen sech em Grillen an I essen gekemmert. Um 1 Auer kruten mer-mir waren alleguerden ganz ausserhengert- een oder zwee gudd mettien ze iessen. Dono koum dei grouß Raumaktion. Gott sei Dank hu mer dat groußt Schlass net missen potzen. Desst war alles zimlech seier erleedecht. Lo sin puer Cheffen mat den Kanner op den Bus gang fir rem op Gare Centrale heem ze kommen. Dun war dei cool Zeit vum Camp leider scho rem riwwer mee ech mengen dat dei kleng an och Cheffen sech hamma amuseiert hun dei drei deeg!!!!

Christophe Reiners

Rapport 1en Daag vum Kreschtcamp

Also: Den camp huet um 8.45 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg ugefaangen. Wou all aacht Scouten do waren, kruutn mier dann vum Lex an vum Christophe den eischten Indice mat engem Message. Um 9.05 hun mir den Bus 215 fir op Septfontaines geholl. Do ukomm kruutn mir dann rem den zweeten Indice mat enger Kaartan Koordinaten drann, wou d'Mettesplaaz sollt sin. Schon am Ufank vum Traget ass den Nicolas voll krass gefall ^_^. Mier sin lues wieder gaang mee mat der Zait emmer mei schnell. Et ass och direkt Bierg op gaangen. Di motiveiert Scouten an Guiden worn emmer ganz vir an mir sin hinnen net no komm... Bei der Mëttesplaaz ukomm, missten mir no enger Envelopp sichen, die guer net do wor... 20 Minuten nom sichen sin dun den Lex, Christophe, Tamia, Kodiak, tameng an den Erik mat der Envelopp an warmem Bouillon komm. Dunn hun mir gepick-nickt. D' Enveloppass op gemaacht gin an dran wor eng Kaart mat erem nei Koordinaten. Mir sin lassgaang an sin no villem Treplen beim Home ukomm an et ass eis erem gudd waarm gin, sou gudd dass mir all eng roud Nues haaten ^_^. Mir hun nach Vertsoppjes am daischteren am zemmer gespillet. Dun sin mir am Rittersall geruft gin, kruutn Bouillon an Liefkuch an hun dann eng Veillee gemaach, haapsächlech vir die kleng, also Wellef an Beaver. Duerno ass et ze iessen gin. Wirschtchen mat Bouneschlupp. Durno kruutn mir en Film vun den Explorer gewisen, deen ganz gut war. Duerno war eng kleng Veille an et ass nach bessen geschwaat gin an dun sin mir schloofe gaangen.

Raphael

Rapport vum Rittercamp (Nuetsspill)

Mir missten en Médikament geint d'Pescht fannen. Dann si mir Owes an de Park zu Huelmes gangen. Do hun mir ons a kleng Gruppen an gedeelt. Dann missten mir ongefëier 15 Déieren am Park sichen. Wann mir en Déier fonnt haaten, dann misst dat Déier ons eng Kaart gin. Wann mir all d'Déieren fond haten an all d'Kaarten haten dann missten mir d'Kaarten zu eng engem Puzzel zesummen setzen. Dunn haten mir de Puzzel färdeg. De Puzzel war eng Kaart vun Huelmes. Op der Kaart war en Kraiz do lung dann d'Médikament geint d'Pescht. Dun sin mir do hin getréppelt an do hun mir en grousst Déppen mat Kamellen (Médikament geint d'Pescht) fonnt. Dunn sin mir zreck bei d'Buerg gangen. Virun der Buerg duerft jidereen sech eng Kamell huelen an dann missten mir se gläischzäiteg iessen. Dann sin mir schlafen gangen. Dat war ons zweet Nuecht an der Ritterbuerg.

Sarah Simonis

Rapport Explorerraids

30 Joer Explorerraids

Samstes den 9 Januar 2010

- Em 10 Auer hun eis op dar Gare Letzebuerg getraff wou mir rendez-vous haten mat deenen aneren Equipen, well den Explorerraids ass jo eng federal Aktiwiteit. Wou dun all Leit dei mat sollten goen do waren sin mir vun der Kommissärin CE begreist gin an hun direkt eisen eischten Message krut. No net langem sichen waren mir dann och dei eischt dei den punkt erausfont haten an kruten no dar Kontroll vum CE nach en Steck Schokolat an bessen Gemeis, dun hun mir eis och direkt op de wee op den Zuch Richtung Nidderkorn gemach wou dann och eisen eischten Message verstoppt war. Zu Nidderkorn uncomm an no bessen zefous goen bis bei den CIPA hun mir dun mol eng gudd halef Stonn nom Message gesicht, den Message war op enger Lasagnenuddel geschriwen dei mir bis zum Schluss hätten sollen ganz bis op Nuetsplatz matthuelen, mee se war schon futti, no engem klengen Telefon bei eiser Kontaktperson, den Tom Schintgen krutten mir dann gesot mir sollen dann oppassen dassen mir dei Nuddel net nach mei futti geiffen machen. Op der Nuddel haten mir eng Aufgab stoen an dat war dassen mir sollen vun 30 Ortschafsschelder eng Foto machen. Mir hun eis gudd drun gin an hun um wee fir op den necksten Message deen zu Weiler la Tour lung eng jet Foten gemach, am Bus vun Nidderkorn bis op Esch, an vun do mam Zuch bis op Letzebuerg Gare, dun weider erem mam Bus op Weiler la tour, sin do epes no 13 auer ukomm an hun eis direkt op Sich nom Message gemach.

Et huet mol keng 5 Minuten gedauert do haten mir e schon font an kruten eng nei Aufgab. Mir hun missen en Turm oprichten deen sou heich wei meiglech soll sin an 30 Sachen drun hänen sollen, mir hun et sou einfach gemach, ech hun einfach Sophie op Schelleren geholl an dei anner hun eis voll Sachen gehangen, an alt erem eng Foto dei mir dun och nach hun missen machen. Fir den nächste Punkt ze fannen krutten mir dann erem e Reimerkordinat. Mee wann een daat richtegt Equipement huet dann fent een ganz schnell eraus wou den nächsten Punkt ass, ne Tahr. Well et dun schon sou speit war hun mir dun mol epes gies, et gouf Pangecher, Ravioli an Beens well bei deenen Temperaturen muss een jo schon baal epes warmes iessen, en groussen merci un den Tahr an un den Eric dei den ganzen Wee Gaskocheren geschleeft hun. Matt follem Mo alt erem mam Bus an Staat. Do hun mir den Bus Richtung Redange geholl. No enger super Stemmung am Bus an no 1 Stonn an 15 Minuten si mir dun ukomm an ennerwee ass eis opgefall dassen mir eist Bichelchen wate mir krutten fir alles dran ze schreiwen, ennerwee verluer hun. Mir hun dat och weider un eisen Respo gin an hien sot mir sollen dann dat wate mir nach weisten op en aneren Ziedel schreiwen. Voller Energie si mir dann zu Redange an de Besch op Sich nom nächsten Message gangen. No bessen mei langem sichen hun mir den Message font, deen war an engem Gebeesglas varstoppt.

Et war eng Aufgab op Mathesproch (Primzuehlen asw), op allenfall hun mir et erausfont, an zwar war eis Aufgab en Schneemannchen dei dei Equipen firun eis ugefangen hun weider zebauen an eng Foto dovun ze machen. Mee wat ass geschitt, jo ennerwee durch den Besch hun ech och nach mein Fotoapparat mat all de Fotoen vum Dach verluer, mee haut zu Daags huet all Handy en Fotoapparat drop zum Gleck. No der Foto mam Handy ass dun och schon eng aner Grupp um Punkt ukomm. Mee mir hun eis schnell erem op den wee gemach Richtung Redanger Lycee, wou eisen Bus Richtung Miersch gefuer ass. Deen Bus war dee Leschten vum Dach, an well jo nach eng Equipe hannert eis war hun mir den Buschauffer gefrot op hien net nach bessen warden keint bis sie och do wären. No 15 Minuten Verspeidung sin mir dun op Miersch gefuer. Do waren dann och Wisselen an mir sin zesummen mol en Kaffi drenken gangen well mir 45 Minuten op den Bus warden mussten, deen Richtung Fischbach fuhren sollt. Mir hun den Bus dann zu 3 Equipen geholl an sin zu Ernzen erausgeklommen fir eis op den Wee Richtung leschten Message ze machen.

Mat ganz vill Pesch an no ganz laangem sichen hun mir dun keen Bus mei krut Richtung Nuetsplatz de zu Blachette war. Mee well Leit alleguer motiweiert waren sin mir dun zefous dohinner gangen. 2,5 Stonnen mei speit si mir op der Nuetsplatz ukomm. No epes fir den Mo an e Patt an en Steck Gebuetsdachskuch ass dun dei mega Party lass gang dei no gudd 20 Minuten eriwer war an mir schlaffen gangen sin.

Sondes den 10 Januar 2010

Geint 10.00 sin mir opgestan krutten eng Schmier ze iessen. Dunn nach alles zesummen packen. Mir haten dunn nach 20 Minuten fir bis op Lorenzweiler Gare ze laafen, wou mir den Zuch erem an Staat geholl hun.

Rapport Explorerraids

Well mir awer nach allegur Honger haten sin mir an dar Uniteit zesummen an Veranda um Houwald iesse gangen. Wou mir dun do eran komm sin, si mir ugekuckt gin als wären mir vum Mond, dat huet eis awer net gesteiert. Mir hun gudd gies an sin gudd zerveiert gin. Nom bezuelen sin dunn dei eenzel Leit an dei Richtung gangen wou se wunnen.

Also Faazitt vum Raid: Et war en richteg deieren Raid 2010

Fir 20 € e bessen Gulasch matt Nuddeln an rouden Kabbes, en Steck Gebuetsdachskuch an en Patt, an moies eng Schmier + en Fotoapparat verluer.



Text: Tameng - Foto: Tahr

Rapport Kleeschen

Eis Patrull I mpala huet sèch als éischt e Freideg beim Vanda getraff fir eng Krëschtgeschicht anzestudéieren fir dës dono dem Kleeschen ze kënnen firzedroen. D'Patrull Scorpion haaten sèch och schon Mëttes getraff fir dem Kleeschen extra Spekulatius ze baacken an owes ze schenken. Eis Prouwen haaten e bessen gedauert an dun goufen mir vum Sam senger Mamm an vum Patrick an d'Home gefouert. Hei kruuten mir virum Feier gesoot, dat den Kleeschen eis nët fénnt well d'Grammlins d'Faakelen geklaut hätten vun senger Landepist, an dat sie eis als Spuer Kamellen hannerlos hun. Also hun mir eis all op Sich no den Faakelen gemaach an hun se schlussendlech am Bësch fond. Mer sinn dun zerëck bei d'Home gaangen wou d'Scouten d'Faakelen all an eng Rei opgestallt an ungefaangen hun, daat den Kleeschen eis elo och konnt fannen. Fir dem Kleeschen ze hëllefen den richtegen Wee ze fannen, hun mir nach leiwen Kleeschen gudden Kleeschen gesongen, sou konnt hien eis och von weitem héieren. Et haat och nët laang gedauert bis dat den Kleeschen koum wor. Den Kodiak huet dem Kleeschen gehollef an huet den Saack hannert him gedro. Dun haat den Kleeschen zu all den Kand eppes gesoot, op se sèch geschèckt hun oder nët. All Branche haat eppes klenges préparéiert an och virum Kleeschen firgedro an no all Sketch krut déi Branche een Kadeau. No all deem hun mer dem Kleeschen nach e Lidd gesongen an hien huet sèch dun rëm op Wee gemaach bei déi aaner Kanner. Mir kruuten nach Schoki an een Steck vun den Boxemännecher ze iessen. Scouten hun missten nach d'Dëscher ofraumen, an konnten duerno heem goën. The End by Pitt Sietzen





Dem LIB séng Säit: Den LIB séng Säit:

Dir könt dem LIB hellefen an deems der folgend Aufgaben leist...

HAKYUU

Regelen

Schreiwst an all Feld eng Zuel. All staark émrandten Gebitt aus N Felder muss all Zuelen vun 1-N genee 1 mol enthaalen. Wann zwou glaich Zuelen an enger Zeil bsw. Spalt stinn, muss sëch zwëschen deenen béiden Zuelen mindestens souvill aaner Zuelen befannen, wéi d'Zuel ugét, bsw. müssen sëch zwëschen zwee Felder mat der Zuel 3 mindestens drai aaner Felder



FLOSSI WWERFAHRT

Um Ufer vum Floss steet e Mann (M) mat engem Wollef (W), enger Geess (G) an engem Kabeskapp (K).

Den Mann wëll den Wollef, d'Geess an den Kaabeskapp mat engem Boot op déi aaner Säit vum Floss brèngen.

An d'Boot passen awer némmeen den Mann an een weideren Géigenstand.

Wichteg ass, dat den Wollef nüt mat der Geess an d'Geess nüt mam Kaabeskapp alleng gelooss ginn.

An wéi enger Reihenfolg muss d'Flossiwwerquerung stattfannen?





WI TZ-FROËN:)

- 1) Waat kann en nüt mat Wieder ausdrécken?
- 2) Firwaat baut en nei Haiser?
- 3) Waat geet duerch all d'Länner an bleiwt dach wou ét ass?
- 4) Waat steet émmer zwëschen Brudder an Schwëster?
- 5) Waat ass laang färdeg an gët all Daach nees nei gemaach?
- 6) Wei kann en eng Blondinn stonnenlaang mat engem Blaatt Pabéier beschäftegen?
- 7) Waat ass propper virum wäschen an knaschteg nom wäschen?

WANDROUS NEWS

Wandrous News



KALENNER 2010



Et sinn nach èmmer FNEL's Kalenneren do.

Den Präiss pro gudd Stéck ass 5 €.

Wann nach Léit drun interessiert sinn een ze kaafen, können se all Samsteg natiirlech am Lions Bleus Shop kaafen.

Also maacht ierch bei, fir e gudd Stéck ze ergatteren :)



D'Ritterdelegation, den Graf Sigismund an seng Gräfin Jahanna vum Huelmesscher Schlass soën der Famill Schmitt e groussen MERCI, fir déi tatkräfteg fin. Ènnerstëtzung fir den Bau vun hierer Ritterrüstung an hieren Prinzessinnenhitt.

WANDROUS fnel NEWS

Wandrous fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:
43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

- 17:30 - 19:30
- 04/02/2010
- 04/03/2010
- 18/03/2010

ALLGEMENG Datumer:

25/02/2010 Réunion semestrielle zu Miersch
27-28/02/2010 Tronc spécifique Beaver
20-21/03/2010 Bosses & Bobos 1
25/03/2010 Soirée Chef de groupes

27-30/03/2010 Formationscamp Leadership
2-5/04/2010 Explorerbrevet
9-11/04/2010 Scoutsakademie
17-18/04/2010 Bosses & Bobos 2

La Ferme Misère - Centre de formation jeunes située dans la commune de Rambrouch près du Lac de la Haute Sûre vient de recevoir le label SCENES attribué par l'Organisation mondiale du Mouvement Scout.

Notre centre de formation est ainsi le dixième camp scout parmi le monde qui détient ce label de qualité. Les SCENES centres doivent répondre à 3 critères:

- offrir un bon environnement naturel,
- proposer des programmes d'éducation à l'environnement
- mettre en pratique des principes de bonne gestion à l'environnement

Lions Bleus Shop

De Lions Bleus Shop as fir nächst op vun 15h45 bis 16h15 den:
6/03/2010 - 24/04/2010 - 5/06/2010 - 3/07/2010

TECHUANA 2010



TECHUANA 2010

“Der Berg ruft”




Rendez-vous:

Den 12. Februar 2010 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.

Fir déi Leit déi matginn...


(Ludovic, Samuel, Nicolas, Eric, Mauro, Nadine, Soa, Tahr,
Tameng, Chouch, Anne, Kodiak an Tamia)



Denkt drun ären **perséinlechen Dossier** mat der Fiche Médicale, den Pabeieren an der Autorisation parentale bis allerspitstens den **6/02/2010 ofzeginn**.

Är **Valise** souwéi och ärt **Skimatérial** mat Helm, Schong an Bängelen ass den **10/02/2010 um 19:15 Auer an d'Home ofzeliwweren.**


“Mir freen eis schon op den Schnéi!
d'LBB Schnéihuesen”




Dem LIB séng Opléisungen:

FLOSSI WWERFAHRT

1. M bréngt G riwwer, M kënnt alleng zerèck.
2. M féiert W riwwer, M kënnt mat G zerèck.
3. M fiert mam K riwwer, M kënnt alleng zerèck.
4. M fiert mam G riwwer.



2	3	4	1	2
4	1	2	3	1
3	4	1	2	3
2	1	3	1	2
1	2	1	4	1



WITZ-FROËN :)

- 1) En Schwamm oder eng Zitroun!
- 2) Well en keng aal kann bauen!
- 3) Eng Strooss!
- 4) D'Wuert “an”!
- 5) D'Bett!
- 6) Et schreiwst en op déi zwou Säiten “Bitte wenden”!
- 7) Waasser!

et schengt

et schengt

- 01) das den Cadaster nei Karten op den Maart géif bréngen
- 02) wei wann d' Klapperschlang den Ennerschéd zwëschen Capellen, Kiechen, Katedralen an Domen géif können
- 03) wei wann den Kleeschen problèmer haat fir bei eisem Home ze landen
- 04) wei wann Engelcher gud gebackt hätten
- 05) wei wann Scouten fréi fir de Kleeschen mat préparéiren ugefangen haaten
- 06) wei wann et an dar Buerg zu Huelmes kaal wir
- 07) das mir mam lessen missten spuren
- 08) wei wann verschieden Elteren lang Kaffiskränschen géiffen ofhaalen
- 09) wei wann eisen Spécht wei geckeg den ganzen Dag op der Sich no bekannten Leit an den Doudesanonen géiff machen
- 10) wei wann eisen aalen Gruppenchefbier geif Mëttwochs verzweifelt probeieren am Home unzeruffen
- 11) wéi wann verschidden Misären um Wee vir op d' Formatioun vill Zäit geholl hätten
- 12) wéi wann d'Beaver an d'Wöllefcherscheffen heiangoed zevill am Kapp hun
- 13) wei wann verschidden Couren op der gewessener Formatioun zimlech ustrengend gewiercht wieren
- 14) wei wann d'Bunny um Ticket eng maagesch Unzeiung op di männlech Gáscht hätt an dës seenlech erward gétt
- 15) wéi wann déi lescht Corse-Preparatiounsversammlung laang gewiecht wier
- 16) wei wann et ee bestëmmten Samstegowend geschnéit hätt
- 17) wei wann den Président (net dee schwaarzen) 2 mol hannerteneen am Komite Präsenz gewisen hätt
- 18) wei wann de Pleitegeier erém iwwer d'LBB komm wier
- 19) wei wann d'Awunner vum Huelmess Schlass komesch Préferenzen an Traditiounen hätten
- 20) wei wann verschidden Wöllef sech Suergen gemaach hätten dass den Kleeschen d'Landepist vum Home net fonnt haat
- 21) wei wann um Haff e Géscht dem Pappi sëng Hännchen verschwonne geloos hätt

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wei wann bei dar Préparation aaner Karten benutzt gi sin wéi um Trajet
- 02) daat eng Capelle keng Morgue wier
- 03) wei wann eis Kanner den Problème gud geléist hätten
- 04) wei wann durch Energiespuermosnahmen se néi lewen(A++) krutten an dofir Boxenmännercher mei kleng gin sin
- 05) wei wann dei eng sëch ém 2 Auer getraff hun fir Spekulatius ze backen, an dei aner Crëschtgescicht astudeert hun
- 06) wei wann eng grous Schminee vill Holz geiff varbrauchen
- 07) wei wann duech daat déiert Home némme Zoppen ogewiermt konnten gin
- 08) wei wann én dobei Auerzéit vergést an d'Kanner zu Bonneweg am Schnéi stoen gelos gi sin (Merci fir d'Pizza)
- 09) wei wann d'Schwesteren vum Pony an der Miss Miséraqua hiren Papp nach géif liewen
- 10) wei wann en wiift Kaweeeeeeeeeschelchen pobeiert him Punkten vun dar Integrals Kart ofzefenkoen
- 11) wei wann d'Pony an d'Prinzessin Nummer 3 mol rëm 3 Stonnen ze spéit an de Sall gestierzt koumen
- 12) wei wann des Deckkäpp sëch duerch schwéier Kraftawirkung vu mi no ém gesin hätten
- 13) wei wann en klengen Adler sain Wachsamt Aan vir e puer Minuten zou gemaach hätt
- 14) dest sech weinst engem schweieren Beebroch leider huet missen oofmellen
- 15) wei wann herno d'Leit um Buedem ageschloof wieren
- 16) wei wann verschidden Schildkröten hirem Numm bei deem Wieder all Eier gemaach hätten
- 17) wei wann Jeton'en vum Trésorier vir all Präsenz ausgedeelt gi wieren
- 18) wei wann eis fonkel néi Homepage weinst engem Messverständnes erem vir en Daag zougemaach gi wier
- 19) wei wann kleng Chouetten an Pic'en am Freezer vun der Kichen opbeward gin
- 20) wei wann dës kleng Däbbessen duerch staarter Flugverkeier net schloofe konnten
- 21) wei wann hien awer aaner Hänschen aus sëngem Auto gezaubert hätt an daat ganz elo a Fro ka stellen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M.Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D' Wandrous no 326 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Tamia, Nandu, Lena, Paco, Tahr a Lex

Un der WANDROUS N°327 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouten a Explorer / Staff Corse 2010 / Tamia / Pit Sietzen / Raphaël Schäfer / Sarah Simonis / Tameng/ Famille Majerus / Prunelle Welter / Lucie Muller / Lex Schmit / Christophe Reiners / Tahr / Pappi / Nastia / Ugo / Louise / Victor / Tomas / Lis / Danie / De Finanzminister / Organisatiounsteam vum 19. Gala

Programm Wandrous

De Wandrous Programm:

februar'10		märz'10		abréil'10	
Me 1		Me 1		Do 1	SCOUTSCAMP
De 2		De 2		Fr 2	SCOUTSCAMP Formation Explorer
Më 3	Permanence	Më 3	Permanence	Sa 3	keng Versammlungen Formation Explorer
Do 4	Scout-Shop 17:30-19:30	Do 4	Scout-Shop 17:30-19:30	So 4	Formation Explorer
Fr 5		Fr 5		Me 5	Formation Explorer
Sa 6	Trupp/Explorer BEAVER&MEUTE FUESPARTY	Sa 6	Beaver/Meute/Patrull/Explorer	De 6	
So 7	MEUTE FUESWEEKEND	So 7		Me 7	
Me 8		Me 8		Do 8	
Dë 9		Dë 9		Fr 9	MEUTE & I.EXPLORERCAMP Formation Scoutsakademie
Më 10	Permanence	Më 10	Permanence	Sa 10	MEUTE & I.EXPLORERCAMP Formation Scoutsakademie
Do 11		Do 11		So 11	MEUTE & I.EXPLORERCAMP Formation Scoutsakademie
Fr 12	TECHUANA	Fr 12		Me 12	
Sa 13	keng Versammlungen TECHUANA	Sa 13	Beaver/Meute/Trupp/Explorer	De 13	
So 14	TECHUANA	So 14	GALA	Me 14	Permanence
Me 15	TECHUANA	Me 15		Do 15	Scout-Shop 17:30-19:30
Dë 16	TECHUANA	Dë 16		Fr 16	EXPLO
Më 17	TECHUANA	Më 17	Permanence	Sa 17	Beaver/Meute/Explorer EXPLO Bosses&Bobos
Do 18	TECHUANA	Do 18	Scout-Shop 17:30-19:30	So 18	EXPLO Bosses&Bobos BEAVERFUNDAY
Fr 19	TECHUANA	Fr 19	WANDROUSEINSENDESCHLUSS	Me 19	
Sa 20	keng Versammlungen TECHUANA	Sa 20	Beaver/Meute/Patrull/Explorer Bosses & Bobos	De 20	
So 21	TECHUANA	So 21	Bosses & Bobos	Me 21	Permanence
Me 22		Me 22		Do 22	
Dë 23		Dë 23		Fr 23	Dragons des Georges
Më 24	Permanence	Më 24	Permanence	Sa 24	keng Versammlungen HOCHZÄIT vum CG&ACC
Do 25	Réunion semestrielle FNEL	Do 25		So 25	
Fr 26		Fr 26	WANDROUSREDAKTIONSSCHLUSS	Me 26	
Sa 27	Beaver/Meute/Trupp/Explorer	Sa 27	BEAVERCAMP Formation Leadership	De 27	
So 28		So 28	BEAVERCAMP Formation Leadership	Me 28	Permanence
		Me 29	BEAVERCAMP Formation Leadership	Do 29	
		Dë 30	Formation Leadership	Fr 30	
		Me 31	SCOUTSCAMP		

Allerläsch Wandrous - Säit

www.lionsblues.lu



fne
explorers & guides

